N°6779
Entrée le 07.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 6779, deposéiert de 7. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1)Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zum Fall vum Här Kardinol Zen elaboréieren? Huet si schonn zu Gonschte vum Här Kardinol Zen intervenéiert? Wann net, wëll si dat maachen?

Allgemeng ass d'Positioun vun der Regierung déi, sech bei de chineeseschen Autoritéiten dofir anzesetzen, dass sämtlech Fräiheeten a Rechter respektéiert ginn, déi an der Verfassung vun Hong Kong, der „Basic Law", garantéiert ginn. Dat gëllt, ënner anerem, fir d'Reliounsfräiheet. De Geriichtsprozess géint de Kardinol Zen ass um Lafen a gëtt ganz no vun deen europäesche Memberstaaten verfollegt, déi zu Hong Kong e Generalkonsulat hunn, an Informatiounen un di aner Memberstaaten an den Europäeschen Aussendéngscht weiderginn. Lëtzebuerg observéiert d'Situatioun opmierksam. Et wier à ce stade kontraproduktiv, sech zu Beijing bei den Autoritéiten anzesetzen, well een doduerch géif unerkennen, dass de Prinzip vum „one country- two systems" - wat d'Justiz ugeet – net méi bestoe géif.

2) Trëtt d'Regierung géintiwwer der chineesescher Regierung fir en Enn vun der politescher Verfollgung vu Geeschtlechen a fir Reliounsfräiheet an?

Et sief Referenz op d'Äntwert 1) gemaach.

3) Kéint d'Regierung sech ënnert der Viraussetzung, datt säin héijen Alter déientspriechend Rees zouléisst, virstellen, dem Här Kardinol Zen zu Lëtzebuerg Asyl unzebidden?

Lëtzebuerg kann enger Persoun déi am Ausland ass keng Protection internationale ubidden. Eng Demande an deem Sënn muss fir d'éischt zu Lëtzebuerg gemaach an analyséiert ginn. Et kéint awer dem Här Kardinol Zen ënner verschidde Konditiounen erlaabt ginn op Lëtzebuerg ze reesen.

Lëtzebuerg, de 7.Oktober 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn